

Fir e konstruktiven Dialog

Agrarpolitesch Stellungnam vun der Lëtzebuenger Landjugend a Jongbaueren a.s.b.l. (LLJ) virgedroe vum Pol Wagner a Ben Schmitgen, Membere vum Aarbechtsgrupp Agrarpolitik

Klimawandel und seine Herausforderungen: dat ass d'Thema vun dësem Jongbauerendag. An de Klimawandel, do mierken a schwätze mir net nëmme vun de klimatesche Bedéngungen, mee och vum Klima, dat bei de Baueren ëmmer méi schlecht gëtt. Villes läit der Landwirtschaft schwéier um Mo: Agribashing, Landverloscht, Oploen, ... an am Ausland gesäit ee jo schonn, wou dat hiféiert.

Léif Kolleginnen a Kollegen,

Dir hutt bestëmmt op der Tëlee, an der Zeitung oder op de soziale Medie matkritt, datt eis Beruffskollegen aus dem Ausland streike waren. Mir vun der LLJ sympathiséiere ganz staark mat hinnen. Mir gesinn och an, datt eng Partie Oploen a Verschäerfungen am Bezuch op d'Ëmwelt, d'Liewesmëttelsécherheet, d'Comptabilitéit, de Waasserschutz, asw., Sënn maachen. Mee, ... all dëst op ee Coup, mécht äis d'Schaffe bal onméiglech. Mir vun der LLJ setzen dofir op den Dialog mat den zoustännege Ministèren an Instanzen; leider sinn si net ëmmer ganz praxisno. Si schécken äis a Stagen an d'Ausland, wat jo och eng gutt Saach ass. Hei léiert dee Concernéierten nei innovativ Methoden a gëtt méi oppe fir seng Ëmwelt a seng Matmënschen. Datt och fir verschidde Beamten esou e Stage néideg wär, läit op der Hand; well mir sinn der Meenung, da géife Verschiddener vun hinne besser iwwerleeën, wat si an d'Weeër leeden.

Glyphosatverzicht

Mee, komme mir léiwer zum Thema, wou mir gemengt hunn, dat kënnte mir elo ofschléissen: dat grousst **Thema Glyphosat**. Jo, an de leschte Reunioun vum den *Assises Agricoles*, déi a Präsenz vum Staatsminister waren, huet hie virun zwee Joer kloer gesot, datt d'Regierung e Glyphosatverbuert wëll. Dat ass och duerno an de Koalitiounsaccord stoe komm. Datt dës Measure eng Täuschung vum Konsument ass, ass gewosst. Mee, wann dat esou decidéiert ass, huele mir dat och esou un a verschwende keng Energie méi zu deem Thema. Mir waren awer du verwonnert iwwert e Bréif, dee bekanntlech am Summer an d'Betriber komm ass, a wou een 30€ kréie kann, wann een sech iwwer eng Zäitspan vu 5 Joer engagéiert, glyphosatfräi op sengem Betrib ze schaffen.

E SKANDAL, wat soll dat do Här Minister? 30€ op den Hektar ass et der Regierung wäert, fir glyphosatfräi ze sinn. An dobäi ass dat eng vun den Haaptaussoen aus dem Koalitiounsprogramm iwwert d'Landwirtschaft. Keen Dialog mam Secteur iwwer dës Mesure! An dann nach draschreiw, datt de Programm sech iwwer 5 Joer zitt. Dobäi gëtt de Glyphosat dat nächst Joer jo anscheinend verbueden, an da bezuelt Dir souwiso näischt méi. Mir hoffen, dat ass e schlechte Witz!

Här Landwirtschaftsminister,

an eisen Aen hätt esou eng Mesure scho viru Jore mat der Landwirtschaft ausgeschafft misse ginn. Datt Dir perséinlech net dofir kënnt, ass gewosst. Mee datt dës Moosnam ouni d'Acteuren aus der Landwirtschaft ausgeschafft ginn ass, kënnt Dir lech awer uren. Mir vun der LLJ erhoffen äis vun lech, datt an der Zukunft d'Acteuren aus der Landwirtschaft an d'Ausschaffe vun de respektive Mesurë matagebonne ginn. Mir fuerderen, datt kloer Etüde gemaach ginn, fir den Impakt vun esou Mesurë festzustellen, an de finanziellen Ausfall duerch eng *Prime d'encouragement* ze kompenséieren.

Mir sinn trotz allem zouversichtlech datt Dir, Här Minister, lech un d'Vepflichtungen haalt, déi am Vertrag zum fënnefjäree Glyphosatverzicht festgehal sinn. Am anere Fall brauch een sech tatsächlech net iwwert den Politikverdross vun de Leit ze wonneren. Fir dëst Thema ofzeschléissen, wëlle mir elo net erëm héieren, datt déi zu Bréissel Schold sinn, well déi hunn lech jo sécher net gesot, datt Dir de Glyphosat ofschafe sollt.

Anert Thema, deeselwechte Problem, deeselwechte Ministère!

Virun e puer Méint, hu mir Baueren e Bréif vum S.E.R. geschéckt kritt, deen d'Erneierunge vun der „Bodennahe Gülleausbringung“ betrëfft. Och wann déi entspriechend Primm gehéicht ginn ass, kënne mir dat net onbedéngt als positiv bewäerten. Mir gesinn dat als néideg un, well d'Méikäschte fir dës Technik nach ni gedeckt goufen. Mat der Suppressioun vun den Investitiounsbäihëlfelefen op Güllefässer sinn d'Fraisen schliisslech och net manner ginn. Negativ eropgestouss ass äis awer:

Éischtens, datt Dir eesäiteg d'Kontrakter gekënnegt hutt. Hätte mir dat gemaach, hätte mir all eis Primme vun de leschte Joren zeréckbezuele missen. Déi eesäiteg Kënnegung vun de Kontrakter huet fir lech awer keng Konsequenz!!!

Zweetens: An dat läit äis nach méi um Mo, well iwwert dës Ännerung ass och net mat de Concernéierte geschwat ginn: Dir hutt de Pourcentage fir déi „bodennah“ ausgebruechte Gülle vu machbaren 80% op 100% eropgesat. Mir kënnen dës Entscheidung iwwerhaupt net novollzéien a stellen d'Fro: Wëllt Dir nach Beem an de Wise stoen hunn a wëllt Dir, datt äis déi al Bongerten erhale bleiwen? Jo? Et gi jo Baueren, déi kee Choix hunn an hire Piff och a Wise féiere mussen, déi am Hang leien; solle si an deem Fall besser op synthetischen Dünger zréckgräifen an de Piff méi déck op deene méi flaache Stécker ausféieren?

An als drëtt a lescht Fro: All déi Baueren, déi aus dësen oder anere Grënn elo net méi an deem Programm matmaachen: Hu mir wierklech gutt geschafft, wann déi erëm mam Prallteller fueren? Mir fuerderen, datt dës Pourcentage erëm op 80% zréckgesat gëtt, an dat an ALLE Kontrakter!

Vun der konventioneller Landwirtschaft eriwwer bei déi biologesch

E grouse Wonsch vun der Politik ass et, déi konventionell Landwirtschaft laangfristeg esouwäit, ewéi méiglech, op déi biologesch Landwirtschaft ëmzestellen. Iwwert genau Chifferen, wat de Pourcentage vun de Biobetriber 2050 betrëfft, decidéiert wuel weder d'Politik nach de Bauer, mee eenzeg an eleng de Konsument!

Stéchwuert Konsument: Jo, et läit eenzeg an eleng am Konsument senger Hand, wéi d'Landwirtschaft ausgesäit. Den Ëmfroen no, ass déi grouss Majoritéit vun äis bereet, e kleng Surplus auszegi fir beispillsweis bei Bioproduiten. Wann de Caddy dann awer virum Regal steet, iwwerweit leider gréisstendeels den Egoismus, fräi nom Motto „Gäiz ass gäil“!

Fir d'Kafverhalen an Zukunft ze vermeiden, brauche mir déi massiv Ënnerstëtzung vun der Politik; mir musse Marchéë schafen, fir Regional- a Bioproduiten. Mir mussen de Konsument begleeden an him kloer maachen, wéi eng Repercussionen dat op de Mënsch, d'Déier an d'Klima huet, wann de Choix am Supermarché op eng Entrecôte aus Argentinien fält!!

Europawäit entwéckelt sech de Biomarché momentan lues a lues aus der Nische eraus; d'Bauere reagieren drop an d'Resultat ass e Rekordkarschnatz 2019, net nëmmen zu Lëtzebuerg, mee flächendeckend a ganz Europa. Och den Ofsaz um Fleeschmarché entwéckelt sech, op d'mannst op regionalem Niveau an dat iwwerduerchschnëttlech positiv. Fir d'Mëllechbaueren ass de Maart allerdéngs extrem begrenzt.

Wa mir dës Maartsituatioun objektiv analyséieren, kënnen mir feststellen, datt d'Biolandwirtschaft fir verschidde Betriber eng kloer Alternativ fir d'Zukunft duerstelle kann, mee datt dat eréischt an noer Zukunft eng Optioun, fir sämtlech Betriber hei am Land ass.

Wat sinn d'Erausforderungen? Virun allem, misst d'Politik d'Biolandwirtschaft net direkt, mee indirekt fuerderen, doduerch datt déi néideg Ofsazmäert geschaaft ginn! Wa gewünscht ass, datt weider Betriber sech Gedanken iwwert eng Ëmstellung maache sollen, ass et wahrscheinlech dee falsche Wee, Här Minister, op de Radio ze goen an ze fuerderen datt, d'Bioproduite misste méi bëlleg ginn! Och muss garantéiert sinn, dass d'Biolandwirtschaft an eisem aktueller Primmesystem - ënnert anerem den Agrarëmweltmoosnamen - net méi defavoriséiert gëtt! D'Biolandwirtschaft brauch eng staark Stëmm an der Politik; et musse professionell Berodungs- an ekonomesch Simulationsmodeller entwéckelt ginn!

Und täglich grüßt das Murmeltier!

Et kënnt äis vir, wéi wa mir eréischt gëschter iwwert d'Thema „Simplification administrative“ hei op dëser Plaz diskutéiert hätten. Joer fir Joer fille mir äis gezwongen, dës Punkt mat an d'Stellungnam ze setzen. Firwat??? Et ännert sech ganz einfach net wierklech eppes. Nee, et kommen nach éischter nei Oplage fir d'Landwirtschaft derbäi, fir déi och nees extra Geneemegungen ugefrot musse ginn.

Bei der Demarche, fir sech als jonke Bauer op engem Betrib ze installéieren, fir d'Bewirtschaftung vu Flächen a Schutzgebiddern, an och bei Gesetzesännerungen, mussen eventuell nei Autorisationen ugefrot ginn oder déi bestoend erneiert ginn. Ass dat eng produktiv an zukunftsfaeg Aart a Weis, fir virunzekommen?? Mir hunn do grouss Bedenken!

Och wann éischt Demarchen neierdénigs iwwert den digitale Wee ausgefëllt kënnen ginn, sou komme vun Zäit zu Zäit - an der stressegster Aarbechtszäit fir d'Landwirtschaft - nei Formularen an d'Haus geflunn. Ginn dës dann net zu engem bestëmmten Datum un den zoustännege Büro zrëckgeschéckt, gëtt direkt mat Kierzunge vun den öffentleche Gelder gedrot. Mee, bei den Administratioune schéngen wuel keng Delaie gesat ze sinn. Reegelméisseg ginn d'Kamelle vu vergaangene Joren erëm aus dem Tirang geholl a meeschtens ass et da schonn ze spéit fir am lafende Joer eventuell onbewusste Feeler ze korrigéieren. Domat sinn d'Problemer schonn direkt fir op d'mannst ee Folgejoer programméiert. Beispillsweis: EFA-Flächen um Gréngland, Kierzungsschreiw vum Joer 2018 sinn am August 2019 verschéckt ginn. De Flächenantrag 2019 war zu deem Zäitpunkt awer scho gemaach -> fir 2019 deeselwechte Problem mam Folgefeeler -> 9% amplaz 3%Kierzung)

Als Praktiker an der Landwirtschaft fillt ee sech ganz séier iwwerfuert. Ouni administrative Rot gëtt villes falsch verstanen an et verléiert ee ganz einfach d'Loscht fir sech ëm de Pabeierkrom ze këmmere.

Mir fuerderen deemno:

- Ugepassten a méi séier Veraarbechtungszeitraim fir administrativ Demarchen
- Den Dialog mam Secteur virum Aféiere vun Erneierungen
- D'Erweiterung vum Kompetenzzentrum fir d'Digitalisatioun
- Eng onofhängeg Zentraldatebank, Stéchwuert *Dateschutz*

Zilorientéiert a nohalteg Mesuren entwéckelen

Klimawandel ass eist Thema vum Owend, mee dat kënnt net vu wäit hir. Datt mir e Klimawandel hunn, ass äis als Baueren, net eréischt bewosst ginn, zënter d'Greta duerch d'Welt pilgert. Déi lescht zwee Joer hunn äis et gutt gewisen a mir als Baueren hunn dat direkt an eise Siloen an Heehale gesinn. Jo, et läit däitlech manner Fudder do an dat spiere mir op alle Säiten. An dofir wëlle mir äis och fir de Klimaschutz asetzen.

Als Acteuren an der Landwirtschaft fuerdere mir awer e konstruktiven Dialog wa Mesurë geholl ginn; dëst mat de Responsablen aus dem Secteur, der Wëssenschaft an de Ministèren, fir datt mir zilorientéiert a nohalteg Mesuren entwéckelen an eppes géint de Klimawandel erreeche kënnen. D'Landwirtschaft dierf an eisen Aen och net Kompensator fir d'Wirtschaft sinn, déi sech wéineg Méi gëtt, fir klimaneutral ze ginn.

Et ass jo awer kee Geheimnis, datt mir äis an Ëmweltfroen nohalteg engagéieren. Kee Secteur ass esou gutt opgestallt a schafft bei der Offalltrennung an -entsuergung esou gutt mat, wéi d'Landwirtschaft. Hecken- a Siloplastiksammlung, Sprëtzmittelbidonen,... fir nëmmen e puer Beispiller ze nennen.

Wëlle mir grouss Glasteppecher op eise Stécker?

No enger Entrevue mam Energieminister Claude Turmes, de 7. Oktober dëst Joer, bei där haaptsächlech iwwert d'Photovoltaik an de Biogas geschwat ginn ass, positionéiere mir äis géint Photovoltaikfelder op de Felder a landwirtschaftlechen Notzfläche. Dës Moosnam géif den Drock op d'Land just nach weider verschäerfen; vum Biodiversitéitsverloscht guer net ze schwätzen. An dem Zusammenhang verweise mir op déi fräi Flächen op den Diecher vun der Industrie, vun ëffentleche Gebaier an vu privaten Haiser. De Potenzial vun dëse scho bedeckte Flächen, misst am Hibleck op d'Produktioun vu Solarenergie besser genotzt ginn.

Dowéinst si mir och net frou, datt zu Jonglënster schonn esou eng Anlag opgeriicht ginn ass a fuerdere kloer, datt sech dat an Zukunft net widderhëlt; et ass dach scho schlëmm genuch, datt een op verschiddene Plazen an eise Nopeschlänner just nach Glasteppecher am plaz vu Béischen oder Kulturen, op de Stécker gesäit. Mir fuerderen d'Politik dowéinst op, fir beim Ausstelle vu Geneemegunge pro Hektar nei Industriezon een Hektar Photovoltaikanlagen als Kompensatiounsmeasure virzegesinn. Och muss Verantwortung beim Ausbau vum Stroumnetz iwwerholl ginn, fir der Bevëlkerung de Bau vun enger Photovoltaikanlag ze erméiglechen a fir de Solarstrom besser ze verdeelen.

Zum Thema Nohaltegkeet; wa mir eng gréng an nohalteg Elektromobilitéit am Land ustriewen, free mir äis firwat da keng elektresch bedriwwe landwirtschaftlech Maschinne vun der Eco-Primm profitéiere kënnen, wéi dat bei den Autoen de Fall ass. Mir verweisen an deem Zusammenhang op déi elektresch bedriwwe Fuddermëschween an Hoflader. Finanziell soll dat eiser Meenung no wéi bei Autoen iwwer den Energieministère an net iwwer de Landwirtschaftsministère gereegelt ginn.

Vill Bedenken zum Mercosur-Ofkommes

Mercosur, d'Handelsofkommes mat de südamerikanesche Staaten, dat Mëtt dës Joers Hals iwwer Kapp op de Wee geschéckt ginn ass, stellt äis viru ganz vill Froen. Waasser priedegen a Wäi saufen! Hei gräift dat sougenannten „Nimby-Prinzip“. Mir maachen een Ofkommes mat Staaten, déi massiv OGMen ubauen, déi mat deem bei äis verbuedene Roundup behandelt ginn. De Bësch gëtt illegal ofgeholzt. A wat soll d'Greta dozou soen? Heiheim kréie mir a Punkto Ëmwelt a Naturschutz ëmmer nei a méi streng Oplagen. Eis Liewesmëttel hunn déi héchst Standarden op der Welt, mee wat doriwwer eraus geschitt, dat gesäit jo keen.

Mir fuerdere kloer, datt eis Regierung d'Mercosur-Ofkommes refuséiert. Am anere Fall misst d'Landwirtschaft bei enger Zoustëmmung ausgeklammert ginn. Et kann net sinn, dass eis lokal Landwirtschaft um Altor vun der Wirtschaft - virun allem der Automobilindustrie - geopfert gëtt.

Lokal, regional, saisonal...!

Regional a saisonal Produiten an den ëffentleche Gebaier; en Thema zu deem all Mënsch seet, datt dat gutt a wichteg ass. Et gouff esouguer eng Petitioun, déi de Quorum fir eng ëffentlech Debatt ganz séier erreicht huet. A wat ass bis elo geschitt? Guer näischt! An de staatlechen Institutiounen, wéi beispillsweis Spideeler, fënnt een nach ëmmer auslännesche Botter. Hu mir keng Produiten an der Groussregioun? Amplaz sech hannert de Soumissiounen ze verstoppen, kéint einfach lokal akaaft ginn. Mir stelle fest datt dem Ministère säi Motto „lokal, regional, saisonal“ fir d'Regierung leider keen Thema ass. Huelen déi lech net seriö, Här Minister, oder ass hinnen déi lokal Landwirtschaft ganz einfach egal?

D'Politik muss hir Verantwortung iwwerhuelen

Am Bezuch op den *Agribashing* muss d'Politik hir Verantwortung iwwerhuelen an eng Minoritéit schützen. Fake News asw. vermëttelen dem Konsument eng ganz falsch Realitéit vun der Landwirtschaft. Här Minister, Dir hutt op der Diplomiwwerreechung gesot, datt den *Agribashing* lech géif stéieren, an datt eng Léisung an dëser Problematik eng absolut Prioritéit fir lech duerstellt. Mir vun der LLJ fuerderen, datt Dir endlech Är Verantwortung an dësem Dossier iwwerhuel!

Beim Landverbrauch gëtt déi landwirtschaftlech Fläch net nëmmen duerch Baumoosnamen ëmmer méi knapp, mee elo huet den Här Finanzminister och nach eng *Landgrabbing*-Offensiv annoncéiert, déi kommunistesche Verhältnesser gläicht. Fir dat berüümt *Höfesterben* ze stoppen, ass et äis als LLJ wichteg, de Baueren, déi hiert deeglecht Brout domat verdéngen, den Zougang zu landwirtschaftlech Buedem ze vereinfachen.

Dir léif Leit, dëst sinn nëmmen e puer Thematiken, déi äis vun der LLJ schwéier um Mo leien a mir si gespaant wat Dir, Här Minister, elo dozou sot.